



MIR SI FIR IECH DO.

Traxxion Expert Network

20+ Experten – 4 Haaptkontakter



De Mark huet méi wéi 30 Joer Erfahrung am Portfolio-, Programm-, Projeet- a Service-Delivery-Management am IT-Beräich, souwéi an der Petrochimie, der Produktioun an der Finanzindustrie. Hien huet Maschinnebau a Business Management studéiert. De Mark schwätzt fléissend Hollännesch, Däitsch, Franséisch an Englesch a wunnt säit 1995 zu Lëtzebuerg. Seng zweet Leidenschaft ass de Kraaftsport.



De Sven huet Maschinnebau studéiert an u verschiddenen Business-Management-Ausbildunge vu renomméierten Instituter deelgeholl. Hien ass en zertifizéierten, onofhängege Member vum Verwaltungsrot vun der INSEAD. De Sven huet technesch-kommerziell- a Féierungserfahrungen an Europa, Asien an Nordamerika gesammelt. Hien schwätzt fléissend Däitsch, Franséisch, Hollännesch, Englesch a Lëtzebuergesch. A senger Fräizäit fiert hien Oldtimerrallyes.



De Stephan huet iwwer 25 Joer Erfahrung a Kaizen an Lean Manufacturing an och generell am leede vun Entreprisen. Hie beschäftegt sech haaptsächlech mat der Prozessanalys a Prozessoptiméierung, an och mat der Implementatioun vu Produktiounsplanungssystemer. De Stephan huet Maschinnebau studéiert a schwätzt fléissend Däitsch, Franséisch, Englesch a Spuenesch. An senger Fräizäit béckt de Stephan leidenschaftlech gär Brout an ass och als Chef bei de fräiwëllege Pompjeeën aktiv.



De François huet Maschinnebau studéiert an huet eng laang Zäit am Ausland geschafft. Hee beschäftegt sech haaptsächlech mat der genereller Fiermeleedung, der Produktiounstechnologie an dem Innovatiounsmanagement. Hien implementéiert gäre Prozesser a 5S Konzepter a klengen an och groussen Firmen. De François schwätzt Däitsch, Franséisch, Englesch a Lëtzebuergesch. Seng aner Leidenshafte sinn de Land Rover Defender, am Gaart schafen an op d'Juegd goen.